Le caractère urgent de la question a été reconnu (19.02.2021)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 3677

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Den 12ten Februar gouf annoncéiert, dass d'Schoulen am ganze Land misste wéinst der héijer Unzuel un Infektioune bei Kanner a Jugendlecher zou maachen. Et war virgesinn, dass all d'Schüler an d'Enseignanten eng Invitatioun fir de Large Scale kréien, fir sech kënnen testen ze loossen. Esou soll séchergestallt ginn, dass d'Schoulen den 22ten Februar erëm kënnen ouni erhéichte Covid-19 Risiko opmaachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Krutten all d'Schüler aus den Primärschoulen eng Invitatioun fir den Large Scale?
2. Krutten all d'Schüler aus den Lycéeën eng Invitatioun fir den Large Scale?
3. Krutten all d'Enseignanten eng Invitatioun fir den Large Scale?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire urgente n°3677 du 19 février 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant l'"Invitation au "Large scale testing" pour les élèves".**

Den Edukatiounsminister huet an der Pressekonferenz vum 12. Februar matgedeelt datt souwuel d'Personal aus de Schoulen (Enseignanten, Edukateuren an d'Personal aus de Museksschoulen) wéi och d'Schüler méi getest ginn.

Dëst wäert an zwou Phasen geschéien:

Elo an enger éischter Phase mat Large Scale Testing Invitatiounen fir déi Professionell (Enseignanten, Edukateuren an Personal aus de Museksschoulen). An dëser Phase ginn elo och Schülerinnen a Schüler iwwer eegen Testekippen vum Edukatiounsministère op deene Plaze getest wou festgestallt gëtt datt de Virus an der Schoul méi present ass.

An enger zweeter Phase kommen dann d'Schnelltester an den Asaz déi den Edukatiounsministère zesumme mam Gesondheetsministère amgaangen sinn ze beschafen an ze testen. Och dëst wäert et erlaben permanent d 'Präsenz vum Virus an enger Klass oder an enger Schoul ze suivéieren.